



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 4 mai 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes  
à  
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe ma réponse à la question parlementaire n°4050  
posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

  
Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 4050 vum 8. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

**Äntwert op di éischt Fro:**

Lëtzebuerg verfüügt iwwer keng onofhängeg iwwerpréifbar Informatiounen zur Fro vun der Zuel an der Nationalitéit vun Zivilisten a Militär mat armeneschen Originnen, déi am Moment nach vum Aserbajdschan festgehale ginn. Den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter huet säit Oktober 2020 op Grondlag vum Artikel 39 vu sengem Reglement eng Rei provisoresch Mesuren decidéiert am Kontext vum rezente Konflikt tëschent Armenien an Aserbajdschan. Aktuell betreffen dës Mesuren 188 Armenier, déi sech der armenescher Regierung oder de betraffene Familljen no nach ëmmer an aserbajdschanescher Gefaangenschaft befannen. Déi armenesch Regierung geet vun iwwer 200 Zaldoten an Zivilisten aus, déi zur Zäit nach gefaange gehale géife ginn, unni awer eng präzis Zuel unzeginn.

**Äntwert op di zweet Fro:**

Lëtzebuerg verfüügt iwwer keng onofhängeg iwwerpréifbar Informatiounen zu dëser Fro. Berichter, no deenen et zu Mësshandlungen an aserbajdschanescher Gefaangenschaft komm wär, sinn awer am Ëmlaf a ginn zum Beispill vun *Human Rights Watch* bestätegt, op Grondlag vun der Auswärtung vu Videoen an de sozialen Netzwierker souwéi vun Temoignagé vu Persounen, déi méttlerweil aus der Gefaangenschaft entlooss gi sinn.

**Äntwert op di drëtt Fro:**

Lëtzebuerg setzt sech an allen zoustännege Foren duerfir an, dass d'Verflichtungen, déi sech aus dem Waffestëllstandsofkommes vun November 2020 souwéi generell dem internationalen humanitäre Recht erginn, vun alle Parteien, also och vum Aserbajdschan erfëllt ginn. Lëtzebuerg mécht dëst zesumme mat sengen EU-Partner. Sou huet d'EU zum Beispill den 28. Abrëll 2021 am Kader vum Komitee vun de Ministere vum Europarot zu Stroossbuerg eng Deklaratioun matgedroen, déi explizitt op de Retour vun de Krichsgefangenen an aneren Detenuen ageet. En anert rezente Beispill ass déi Deklaratioun, déi d'EU de 15. Abrëll 2021 am permanente Rot vun der OSZE zu Wien virgedroen huet, an déi besonnesch déi humanitär Situatioun an d' Lag vun de Gefaangenen ervirhieft an och d'Roll vun de Co-Présidente vum Minsk-Grupp ënnersträicht. Donieft ënnerstëtzt Lëtzebuerg di vital Aarbecht vum Internationale Komitee vum Roude Kräiz op der Plaz.